

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir Famill an Integratioun weiderzeleeden an un d'Madame Banneminister.

Op enger Pressekonferenz huet d'Madame Minister fir Integratioun de 17. Dezember 2018 en Opruff un d'Bierger aus EU-Memberstaate gemaach, déi hei am Land wunnen, fir sech am Kader vun den Europawalen op d'Wallëschten anzedroen. An engem Artikel am Lëtzebuerger Wort vum 18. Dezember 2018 gëtt si an dësem Kontext mat dëser Ausso paraphraséiert: "Cahen erinnerte jedoch daran, dass das Fernbleiben von der Wahlurne in Luxemburg nicht wirklich geahndet wird."

An deem Zesammenhang wéilt ech der Madame Minister dës Froe stellen:

1. Sinn d'Aussoe vun der Madame Minister an dësem Artikel korrekt refletéiert ginn?
2. Wa jo, ass et der Madame Minister, hiner Meenung no, fir e Member vun der Exekutiv, also vun där Gewalt, déi d'Gesetzer vum Legislatueur soll exekutéieren, opportun, fir déi *de facto* Net-Applikatioun vun engem Gesetz als Argument fir déi politesch Ziler vun der Regierung ze benotzen?
3. Ass d'Madame Minister der Meenung, datt d'Walflicht zu Lëtzebuerg soll bestoe bleiwen an datt an deem Fall och Sanktiounen fir d'Net-Erfëlle vun där Flicht hire Sënn hunn?
4. Wa jo, ass et an den Ae vun der Madame Minister opportun, fir als Member vun der Regierung den europäesche Bierger, déi zu Lëtzebuerg wunnen, quasi Stroffräiheet an Aussicht ze stellen, fir se duerch d'Walflicht net ofzeschrecken? Misst si net als Member vun der Exekutiv drop hiweisen, datt et un der Justiz ass, d'Net-Wielen eventuell ze bestrofen, esou wéi et am Gesetz virgesinn ass?
5. Mécht d'Regierung och Campagne fir déi Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen, ze motivéieren, fir hir Stëmme fir d'Wal vun deene sechs Lëtzebuerger Deputéierten am Europaparlament ofzeginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser

Deputéierten